
Europäisches Patentamt
European Patent Office
Office européen des brevets




# Eenheetspatent-Package

## Méi en einfachen a breede Patentschutz mat manner héije Käschten

September 2024

# Den Eenheetspatent-Package

ergänzt a stäerkt de bestoenden, zentraliséierten europäesche Patentvergabsystem. Zesumme mam eenheetleche Patentgeriicht stellt et fir d’Notzer eng käschteneffizient Optioun fir de Patentschutz an d’Sträitschlichtung uechter Europa duer a fërdert d’Recherche, d’Entwécklung an d’Investitioun an Innovatioun.



Europäesch Patenter hu grouss Virdeeler, déi et innovativen Entreprisen erméiglechen, Investissementer unzezéien, profitabel Lizenzverträg ofzeschléissen, hir Maartundeeler ze schützen an hir Geschäftsaktivitéiten ze expandéieren. Mee d’Validéierung, d’Oprechthalen an d’Duerchsetzung vun engem Europäesche Patent kann deier a komplex ginn. Deen neien eenheetleche Patentsystem mécht et net nëmme méi einfach a méi bëlleg, Erfindungen uechter Europa effikass ze schützen, mee féiert och e manner komplexen, zentraliséierte Sträitschlichtungssystem, dee méi grouss Sécherheet bitt, an.

# Aus enger Villzuel vun nationale Patenter ...

Zanter senger Aféierung stellt d'Europäescht Patentamt (EPA) en eenzelen, zentraliséierte Prozess fir d'Patentvergab an Europa zur Verfügung. Demandë fir e Patent, déi op Englesch, Franséisch oder Däitsch gemaach kënne ginn, gi gréndlech recherchéiert a rechtlech ënnersicht fir sécherzestellen, datt déi doraus entstoend Patenter vu beschtméiglecher Qualitéit sinn. No dëser zentraliséierter Patentvergabprozedur kann de Proprietär vum Patent Patentschutz a bis zu 45 Länner kréien. Awer en erdeeltent Europäescht Patent ass keen eenheetlecht Recht, mee éischter e Bouquet vun nationale Patenter, dat heescht, et muss individuell a jidder Land, an deem et wierksam soll ginn, validéiert an oprecht erhale ginn – e Prozess, dee beschwéierlech an deier ka ginn.



**Dat erdeeltent Europäescht Patent ass keen eenheetlecht Recht, mee éischter e Bouquet vun nationale Patenter, dat heescht, et muss individuell a jidder Land validéiert an oprecht erhale ginn – e Prozess, dee beschwéierlech an deier ka ginn.**



# … zu engem eenzelen Eenheetsrecht

Den eenheetleche Patentsystem elimineiert dës Nodeeler fir déi bedeelegt EUMemberstaaten, dat neit **Europäesche Patent mat eenheetlecher Wierkung („Eenheetspatent“)** bitt e vereinfachten Zougang zu eenheetlechem a breedem, territorialem Patentschutz, wat d’Paperassen an d’Käschte weesentlech reduzéiert. Déi zentraliséiert Prozedur am Virfeld vun der Patentvergab vum Europäesche Patent gëtt elo duerch eng zentraliséiert Prozedur am Uschloss un d’Patentvergab ergänzt. Amplaz datt d’Proprietären hiert Europäescht Patent a verschiddene Staaten eenzel validéieren, kënnen si mat enger eenzeger Demande beim EPA, déi als Guichet unique och fir déi zentral Vergab vum Eenheetspatent an der domat verbonnener Bezuelung vun den Taxen zoustänneg ass, en Eenheetspatent ufroen.

**Dat neit Europäescht Patent mat eenheetlecher Wierkung bitt e vereinfachten Zougang zu engem eenheetlechen a breeden, territoriale Patentschutz, wat d’Paperassen an d’Käschte weesentlech reduzéiert.**

# Wéi funktionéiert dat?

D'Eenheetspatent ergänzt de bestoenden europäesche Patentsystem éischter, ewéi en ze ersetzen. Innovativ Entreprisen aus aller Welt kënne fräi entscheeden, ob si den nationale Prozess fir d'Validéierung vun hirem Europäesche Patent an engem oder méi Staaten, déi der Europäescher Patentkonventioun bäigetruede sinn, verfollegen oder sech fir den eenheetleche Patentschutz entscheeden. Oder se kënnen den neie System mam bestoende kombinéieren, dat heescht, en Eenheetspatent niewent der Validéierung vun engem klasseschen Europäesche Patent an anere Staaten, déi zwar der Europäescher Patentkonventioun bäigetruede sinn, awer entweeder net beim neien eenheetleche Patentsystem matmaachen oder nach keen Zougang zum Ofkommes iwwer en eenheetlecht Patentgeriicht (UPCA) hunn, halen.



**D'Eenheetspatent ergänzt éischter de bestoende System, ewéi en ze ersetzen. Innovativ Entreprisen aus aller Welt kënne fräi entscheeden, ob si den nationale Prozess verfollegen, fir en eenheetleche Patentschutz optéieren oder den neie System mam bestoende kombinéieren.**

# Wéi kritt een en Eenheetspatent?

Éier Proprietären ee beim EPA registréiert Eenheetspatent kënne kréien, mussen si fir d'éischt en Europäescht Patent hunn. Dat heescht, datt eng Demande fir en Europäescht Patent muss agereecht an ënner de vertrauten a vertrauenswierdege Reegele vum Europäesche Patentofkommes veraarbecht ginn. Nei ass, datt déi bestoend, zentraliséiert Prozedur am Virfeld vun der Patentvergab elo duerch eng zentraliséiert Prozedur am Uschloss un d'Patentvergab ergänzt gëtt.

D'Prozedur, fir en Eenheetspatent ze kréien, ass einfach an onkompliz éiert: Dat Europäescht Patent muss mat de selwechten Usprech géintiwwer alle bedeelegten EU-Memberstaaten erdeelt gi sinn. D'Demande fir eenheetlech Wierkung muss da bannent engem Mount vun der Publikatioun vun der Erdeelung vum Europäesche Patent agereecht ginn, se kann awer och éischter, jidderzäit nom Bescheed vun der Erdeelungsdecisioun agereecht ginn. Ausser an enger éischter Iwwergangsperiod gëtt keng Iwwersetzung am Uschloss fir d'Eenheetspatent verlaangt. D'EPA ënnersicht d'Demande fir eenheetlech Wierkung a registréiert en Eenheetspatent, wann d'Ufuerderungen erfëllt sinn.

**D'Prozedur, fir en Eenheetspatent ze kréien, ass einfach an onkompliz éiert: Proprietäre musse fir d'éischt en Europäescht Patent kréien an da muss eng Demande fir eenheetlech Wierkung agereecht ginn.**

# Wat kascht dat?

D'Demandë fir eenheetlech Wierkung si komplett gratis, d. h., datt keng Antrags-, Prüfungs- oder Registréierungskäschte beim EPA dofir ufalen.

D'Jorestax fir en Eenheetspatent gouf op e ganz attraktiven a geschäftsfrëndlechen Niveau fixéiert: d'Gesamtkäschte vun engem Eenheetspatent iwwer déi zéng éischt Joren, wat der duerchschnëttlecher Liewensdauer vun engem Europäesche Patent entsprécht, leie bei manner ewéi 5 000 EUR.

E Verglach vun den Taxen an indirekte Käschte weist, datt d'Gesamtkäschte fir en Eenheetspatent däitlech méi kleng sinn ewéi déi fir d'Validéierung an d'Oprechterhale vun engem klasseschen Europäesche Patent a véier Länner.

## D'Demande ass gratis an d'Jorestax ass op e ganz attraktiven a geschäftsfrëndlechen Niveau festgeluecht

D'Käschtespuerpotenzial vum Eenheetspatent gëtt eréischt vollstänneg kloer, wann d'Erspuernesser duerch déi vereinfacht Administratioun och mat an d'Equatioun opgeholl ginn. Am Fall vum klasseschen Europäesche Patent mussen ënnerschiddlech Jorestaxe mat ënnerschiddlechem Betrag an ënnerschiddleche Wärungen un déi ënnerschiddlech national Patentämter mat hiren ënnerschiddleche rechtlechen Ufuerderungen (besonnesch bei den Delaien) bezuelt ginn. Fir d'Eenheetspatent gëtt et just eng eenzeg Jorestax, déi zentral un d'EPA an enger eenzeler Wärung (Euro) an iwwer eng standardiséiert Prozedur mat engem eenzegen Delai an ouni Obligatioun e Representant anzesetzen, ze bezuelen ass.

Zudeem hunn d'PMEen elo Usproch op eng Entschiedegung vu 500 EUR, fir d'Käschte fir d'Iwwersetzung an eng vun den dräi offizielle Sprooche vum EPA bei der Areechung vun hirer éischter Patentufro ze decken.

### Jorestaxe fir en Eenheetspatent

| | | | |
|---|---|---|---|
| – | – | 11. Joer | **€ 1 460** |
| 2. Joer | **€ 35** | 12. Joer | **€ 1 775** |
| 3. Joer | **€ 105** | 13. Joer | **€ 2 105** |
| 4. Joer | **€ 145** | 14. Joer | **€ 2 455** |
| 5. Joer | **€ 315** | 15. Joer | **€ 2 830** |
| 6. Joer | **€ 475** | 16. Joer | **€ 3 240** |
| 7. Joer | **€ 630** | 17. Joer | **€ 3 640** |
| 8. Joer | **€ 815** | 18. Joer | **€ 4 055** |
| 9. Joer | **€ 990** | 19. Joer | **€ 4 455** |
| 10. Joer | **€ 1 175** | 20. Joer | **€ 4 855** |

— Zousätzlech Käschte fir verspéite Bezuelung vun enger Jorestax = 50 % vun der verspéiter Jorestax (Artikel 2(1), Paragraf 2, RFeesUPP)
— Reduktioun vu 15 % op der Jorestax am Fall vun enger Lizenzbereetschaft (Reegel 12 UPR, Artikel 3 RFeesUPP)


**Weider Informatiounen zu de Käschte vun engem Eenheetspatent am Verglach zu engem equivalente Patentschutz a just véier féierenden europäesche Länner ënner dem klasseschen europäesche Patentsystem fannt Dir um EPO-Internetsite.**

# Wéi gesäit et mat der geografescher Ofdeckung aus?

De geografesche Geltungsberäich vum Eenheetspatent kéint potenziell all 27 EU-Memberstaaten ofdecken.

Fir vum eenheetleche Patentschutz ofgedeckt ze sinn, muss de Memberstaat net nëmmen Deel vun der verstäerkter Kooperatioun sinn, mee och d'Ofkommes iwwer en eenheetlecht Patentgeriicht (UPCA) ratifizéiert hunn, wann d'Eenheetspatent registréiert gëtt.

De geografesche Geltungsberäich vun engem bestëmmten Eenheetspatent bleift d'selwecht wärend senger Liewensdauer a gëtt net nodréiglech op Staaten erweidert, déi d'UPCA eréischt ratifizéieren, nodeem déi eenheetlech Wierkung scho registréiert gouf.



Déi 25 Staaten, déi Deel vun der verstäerkter Kooperatioun sinn, schléisse 18 Staaten (donkelblo) mat an, déi d'Ofkommes iwwer en eenheetlecht Patentgeriicht (UPCA); nämlech: Éisträich, Belsch, Bulgarien, Dänemark, Estland, Finnland, Frankräich, Däitschland, Italien, Lettland, Litauen, Lëtzebuerg, Malta, Holland, Portugal, Rumänien, Slowenien, Schweden; gradwéi 7 aner Staaten (hellblo), déi dem System bäitriede kéinten, wann se d'Ofkommes iwwer en eenheetlecht Patentgeriicht (UPCA) ratifizéiert hunn (nämlech: Zypern, Tschechesch Republik, Griicheland, Ungarn, Irland, Polen, Slowakei). Kroatien a Spuenie kënnen decidéieren, ob si der verstäerkter Kooperatioun wëllen an Zukunft bäitrieden.

# Een eenzegt Patentgeriicht fir Europa

Dat neit, spezialiséiert, eenheetlecht Patentgeriicht (EPG) went eenheetlecht, materiellt Patentrecht bei der Bestëmmung vum Ëmfang vun den iwwerdroene Rechter an hire Limitatiounen un.

Déi geriichtlech Duerchsetzung gëtt vill méi einfach; Kloe gi virum eenheetleche Patentgeriicht (EPG) verhandelt, enger neier, spezialiséierter, zentraler Patentjustiz fir déi bedeelegt EU-Memberstaate mat Juridictioun fir besonnesch Rechtssträiter iwwer Rechtsverletzungen an Annulatiounen ze verhandelen.

De fréiere Manktem vu spezialiséierten, europäesche Patentgeriichter huet bedeit, datt een eventuell nëmme konnt a parallelle Prozesser viru verschiddenen nationale Geriichter géint Patenter virgoen, wat d'Kloe komplex an deier fir all Parteie gemaach huet.

D'EPG bereet deem en Enn. D'Proprietäre vun Eenheetspatenter wéi och déi vun de klasseschen, europäesche Patenter profitéieren elo an deene Staaten, déi zum EPG senger Juridictioun gehéieren, vun engem méi einfachen Ëmfeld, fir Patentsträiter auszedroen.

D'EPG besteet aus engem Geriicht éischter Instanz, enger Cour d'appel an engem Regëster. Et went eenheetlecht, materiellt Patentrecht bei der Bestëmmung vum Ëmfang vun den iwwerdroene Rechter an hire Limitatiounen un. Decisioune gi vu multinationale Gremien, déi esouwuel aus rechtlech ewéi och technesch qualifizéierte Riichtere bestinn, geholl. Hir Decisiounen erfëllen déi héchst Qualitéitsstandarden a schafen eng harmoniséiert Rechtsspriechung, déi besser Rechtssécherheet assuréiert.

Prozedure virum EPG si méi einfach, méi séier a méi effikass. D'Prozesskäschte sinn och manner héich, well et net néideg ass, a jidder Memberstaat ze kloen. Kleng Entreprisë profitéieren zousätzlech vu reduzéierte Geriichtskäschten an am Fall, wou si hire Prozess verléieren, engem méi déiwe Plaffong fir déi recuperéierbar Käschten, déi der iwwerleeëner Partei kënnen zouerkannt ginn.
Niewent der Juridictioun iwwer d'Eenheetspatenter huet d'EPG och d'Juridictioun iwwer déi klassesch Europäesch Patenter, wann och gewëssen Ausname fir dës wärend enger Transitiounsperiod bis den 31. Mäerz 2030 gëllen.

# Wéini gouf deen neie System agefouert?

Deen neien eenheetleche Patentsystem ass den **1. Juni 2023** a Kraaft getrueden, wou d'eenheetlecht Patentgeriicht seng Aarbecht opgeholl huet.



**Publizéiert an editéiert vum**
Europäesche Patentamt
© EPO September 2024
epo.org/unitary

**Verantwortlech fir den Inhalt:**
Directorate Patent Developments & IP Lab (D 5.2.1)
an Unitary Patent Division (D 5.3.2.2)

**Adress:**
Bob-van-Benthem-Platz 1 | 80469 München | Däitschland

**Tel.:**
+49 89 2399-0

**E-Mail:**
support@epo.org

Dës Iwwersetzung gouf ënnerstëtzt vum Office de la Propriété Intellectuelle.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Office de la propriété intellectuelle